Th.G.Verlag
Esch S/Henri

1953 Nr.7

# Gustavianus erscheng!

Ulk an engem Akt v.M.R.

Perso'nen:

Nelly, Maysi, Margot, Yvonne, } Studentinnen

Mme.Müller, Hausméschtesch
Mme.Grosmaul, Wäschfrâ, (eng Deitsch Berliner Dialekt.)

Bühn:

E Stodentinnenzömmer. De' 4 hause beienén, d'Zömmer muss also eso' agerîcht sin. Wann de Vorhang opgêt sin se alle 4 um le'eren.

1.Szén, 4 Studentinnen

Nelly(liést hart)"Hält man sich streng an die Frage der Geltung, so sind Subjektivität und Apriorität keine gleichbedeutende Begriffe...."(Klappt d'Buch zo):Nén,nén,eso' e Quatsch!(streckt sech)Yvonne! Yvonne! - Y-y-yvonne!(stét op,sötzt sech op d' chaiselonque) Yvonne,hues du Watt an den O'eren? - oder hues du de Mötteg deck Bo'hne giéss?

Yvonne(dre'ht sech zum Nelly):Bass du scho fèrdeg mat denger Philosophie?

Nelly:Do get et iwerhâpt kén Enn.Zeng Schachtelen Knippercher an e Kilo Treip ass me' lîcht ze verdauen,we' dé pabeierne Blödsinn.

Yvonne:Wés de,mir ass d'Loscht um stude'eren och scho vergângen. Scho seit enger Stonn sichen ich Literatur fir mein Aufsätz: Descartes und das "ens réale". Ech hun es genug!

Nelly:Komm sötz dech bei mech.('t geschitt,sie tuchelen a kicheren matenén,munechmol ganz hart)

Margot(kuckt vun sengem Buch op)Pst!Pst! Ech verle'ere jo de Fuedem bei menger Arbecht iwer de Begröff vun irrationellen Zuelen.

Nelly:Zerbriéch dir de Kapp net mat dem irrationellen.Komm sötz dech heihin,dât ass me' rationell.

Maisy(rosen):Bei dem Gebraddels do soll én d'Nervensystem vum Mönsch intus kre'en.Hâlt dach op mat dem Gebabbels.

Yvonne:Mêh mâr virun.Haut ass dach emol eso' e verdre'ten Dâg. Verdirw dir dach dein égent Nervensystem net.

Nelly:Mir hun fir den Ablek och nach âner Surgen.D'Rechnongen vun der Hausméschtesch,der Geme's-an der Wäschfra sin haut fälleg. Ech hun nach grad 6 frang an lo Sous.

Yvonne:An ech net vill me'!

Margot:Ech sin nach d'glecklech Propriétairin vu 5 Frs.

Maisy:Mein Drôt lângt nach grad fir e Brandbre'f u meng Mamm.

Yvonne:Dann héscht et alt,eis Gläubiger nach 4 Wochen vertre'scht.

Nelly:Nömme keng Surgen,Kanner.Immer kommen lassen,sét de Preiss! An dèr Zeit sange mir elo e löschtegt Liddchen,dât verdreiwt d'Grillen,mecht frösch a monter,a le'sst dé bronkegen Dâg vill me' hell erschengen.(Hölt irgend e Musekinstrument,spillt e pur Akkorden,da sangen se all matenén e löschtegt Studentelid. Während dem Sagnen könnt d'Wäschfra eran,onbemirkt bleiwt sie am Hannergrond stoen.sie huet e gro'sse Pâk öner dem Arm,lét de Pâk op de Buedem,stemmt be'd Aerm an d'Seiten,röselt de Kapp)

2.Szén, Vireg, Wäschfra

Wäschfra(wann d'Lidd fèrdeg ass):Da bin ick ja in die richtige Stimmun rinjetreten.Der Jeldbriefträger is wohl jekommen und hat dicke Platten mitjebracht,wat: da werde ick ja wohl nun ooch zu meene Groschen kommen?

Nelly(gét op de Pâk zo',wöllt en huelen):Do ass jo secher eis Wäsch dran?

Wäschfra:Jehst de von se!Fingers von die Dinger.Diet Pack wird nich eher abjeliefert,bis ick meene Moneten habe,Meene se,ick tät mick andauernd abmalochen for nicks.Blos damit Sie mehr von die Pralinens....

Yvonne:Mir iésse jo gur keng.

Wäschfra:Nun jeht mich aber der Bart ab.Sie essen keene Pralinen? Von wem sind denn âll de Schachteln,die jeden Morgen haufenweise in der Frau Müllern ihrem Mülleimer liegen. Die Müllern isst keene nicht,und aus dem Himmel fallen se doch ooch nich.

Maisy:Awer Mme.Gro'smaul!

Wäschfra:Jehen se mich weck mit der Mme.Ick will mein Jeld,oder die Wäsche hier wird wieder mit jenommen.

Nelly:Könnt dir dann net nach 4 Wochen warden?

Wäschfra:Dat Warte kenne ick.Wenn dem Mathusalem seine Frau für euch g jewaschen hätte,de müsste heute noch warten.Ick bin doch eene Waschfrau und keene Wartefrau.

Yvonne:Wa mir iéch awer versecheren...

Wäschfra:Mir können se nicks versichenn.Ick bin jetzt die Versicherungen leid.Ick muss mir slebst sichern.Von was soll ick blos leben?Von ihrer Versicherung ist mir der Hals schon dünner jeworden.Ick frage sie zum letzten Mal:Wollen se zahlen oder nich?

Nelly:Mir bezuele ganz bestömmt, blo's...

Wäschfra:Wenn ick blos dat blos man höre.(Hölt de Pâk erem önert den Arm)Also,ick jehe wieder.

Margot(hält se um Arm fest)Mä da wart dach én Ableck.Mir können dach e Kompromiss mâchen.

Wäschfra:Komiss hin Komiss her! Uebrigens ist das Komiss bei uns abjescjafft. Wir heben ja keen Heer mehr.

Margot:Ech mengem dach e Kompromis!

Wäschfra:Wât sie meene ist alles mies.Ick will mein sauerverdientes Jeld.Und nu lassen sie mir lôs,oder sie kriegen von meinen Fäusten ein Mongramm ins Jesichte,dat man se for 'ne Schwester vom Kain hält.

Margot:Eso' rôsen wart dir dach nach nie!Mir kennen iéch jo gur net me' erem.Fre'her wart dir dach ömmer d'Le'flechkét sèlwer,wann dir d'Wäsch ôfgeliwert huet.

Wäschfra:Die Zeiten sind jewesen.Da war noch mein Mann seelig am Leben.Da brauchte ick nich so auf die Pfennige zu sehen.Mein Mann selig lieferte mir alles ab und ick konnte leben wie ein Maharadscha in Vorderasien..Ja,wenn der noch da wäre.

Nelly:Ge'f dir hién dach nach gèr eng Ke'er eremgesing

Wäschfra:Dat jeht nu nich!Aber for 5 Minuten möcht ick ihn doch noch mal sprechen.Er hat mir einmalt mit'm Lohntag betrogen,und weil er mir so janz plötzlich verlassen hat,konnte ick ihm nich mehr die peinliche Frage stellen.

Nelly(fir sech):Mir geht en herrleche Plang an der Lenkser Dâchkummer op.(hart):Le'v Madame,no'm hautege Stand vun der Wössenschaft ass et me'glech,d'Géschter fir 5 Minutten aus hirer Welt eremzeruffen.Ech hun elo grad nach op dém Gebiet gro'ss Studien an Experimeter gemâcht.

Yvonne(op d'Seit): Mei Gott, kann dât schwindelen!

Nelly:'t ass mir gelungen,de' gro'ss âl Géschter erem wâch ze ruffen z.B.de Goethe,de Schiller,d' Voltaire.

Wäschfra:Mein Jott, ist dat menschenmöglich?

Nelly:Ech kann iéch versecheren,datt d'Wössenschâft haut furchtbar Fortschrött gemâcht huet.

Wäschfra:Wä et dann wohl möglich,datt de meinen Justav selig for einige Minuten mal herriefen?

Nelly:Neischt ass lîchter we' dât. Kommt an enger halewer Stonn erem,an dir könnt 5 Minutten mat ère Justav babbelen.

Wäschfra:Wenn dat wirklich so is,dann lasse ick ihnen all dat Jeld, dat se mir schulden,nach.

Nelly:D'accord!Dir könnt elo scho gleich d'Wäsch heilôssen.

Wäschfra:Née,nee,Vorsicht ist de Mutter von die Porzelankiste.Mir kann keiner nich! Ick komm gleich wieder,und wenn dat Ding mit meenem Justav richtig jedreht wird,dann kriegen se ooch ihre Wäsche. Bis jleich also!(Of)

3.Szén~~a~~ Studentinnen.

Maisy:Mei Gott,Nelly,Wât hues du alles an denger Schiébel!

Margot:D'Hengerhaut gét mir aus,wann ech drun denken,datt de' Frâ elo gleich erem könnt.Sie wöllt dach mat hirem Justav schwätzen.

Nelly:Durfir lôsst mech surgen. D'Zemer get deischter gemâcht. Do, ener den Dösch....('t klappt).

4.Szén,Vireg,Müller

Müller(ass direkt no'm Klappen erakomm):Bonjour, entschöllegt datt ech gleich erakommen.Mä,weil dir mir nach 8 Wochen Loyer schölleg sit,hun ech geduecht ech hätt dât Recht.

Yvonne:Elo fänkt de' och nach un!

Müller:Ech mengen dir hât elo grad Besuch,a we' et mir schengt war et de' Berliner Gro'smaul,d'Wäschfra.Wât huet de' e Mondsteck!

Maisy:Dât léft we' op Rouletten.

Müller: 't ass elo grad eso'gutt geläf,datt én durch d'Wänn alles he'eren huet.

Xvonne(op d'Seit):Zemol wann én d'O'er um Schlössellach hât.
Müller:Wât huet se dann eigentlech wollt?
Nelly:Sie wollt eis Wäsch erembrengen,mä mir hun se net ugeholl, weil se net propper war.
Müller:Ech verstinn iwerhâpt net,we' dir bei der berliner Mutti nach könnt wäsche lôssen.Sie ka jo gur net wäschen. - A wo' sie iwerhâpt d'Zeit derzo' hirhölt,dât wöllt mir gur net a mei Kapp eran.Sie ass dach de ganzen Dâg um quatschen. An all Kachdöppen streckt sie hir Nues.D'lescht Woch huet sie bei der Mme. Moes gesôt, stellt iéch emol vir... Ech hätt Leis. Dât ass eng Beleidegong.Wann ech dach emol eng richteg Geléenhét hätt fir hir dât hémzebezuelen. Da wir ech gleckleeh!
Nelly:De' Geléenhét könne mir iéch geschwönn gin.
Müller:Eso'? - Dât wir eng Sâch. Do wir ech mat ganzem Hèrz derbei Ech wir iéch eso' dankbar datt ech iéch nach 4 Wochen Zeit ge'ô fir de Loyer ze bezuelen.
Nelly(frédeg): Glänzend!D'Geléenhét,eiser Wäschfra,èrer Do'tfeindin,emol gröndlech d'Wo'erecht ze soen,de' sollt dir gleich kre'en.Lauschtert gutt.D'Mme.Gro'smaul könnt an e pur Minutten erem.Sie huet mech gebiéden,op Grond vun eise Studien an Experimenter,hire Gustav se'leg,fir 5 Minutten eremzeruffen. Ech hun hir et versprach.
Müller:Dât ass dach gur net me'glech.
Nelly:Grad durfir ass et fir iéch me'glech,iéch un der Gro'smaul ze rächen fir d'Leis de' se iéch ugehangen huet.Wann dir nömmen e we'neg berliner Dialèkt könnt?
Müller:O, wann dât alles ass:Ick kann ihnen in dieser Sprache wat an'n Kopf werfen,datt se meinen sie sässen auf'm Karussel.
Nelly:Ei, dât gét jo we' gewönscht.Dir mâcht also elo gleich wann d'Wäschfra eremkönnt,hire Gustav se'leg.Op e Wenk vun eis kommt dir mat engem Leileg iwer de Kapp eran.Wât dir der Wäschfra soe wöllt, dât stét iéch frei.
Müller:Gro'sarteg! Gro'sarteg! Ech hu jo eso' eng Fréd dèr preisescher Gro'smaul,emol eng Ke'er ongene'ert d'Wo'erecht soen ze können.('t klappt)
Nelly:Verschwandt,Mme.Müller,dât ass se. Trefft èr Virberédongen a wart gedölleg op den Ableck wo' dir optriéde könnt.
Müller:Awer net ze lâng,well ech frée mech zevill op de'Ausspruch (se'er ôf, 't klappt nach eng Ke'er.
Nelly(hart): Entrez!

5.Szén Studentinnen,Wäschfra

Wäschfra(könt eran,huet de Pâk);So, da wär ick! Ick bin ~~xx~~ uf'n Justav jespannt wie 'n überjeschnappter Regenschirm.
Nelly:Sötzt iéch do op d'Chaiselongue.
Wäschfra(sötzt sech):Et wird doch weiter nich jefährlich sein?
Margot:Nömme keng Ängscht.Huet dir dann èren Gustav jé gefârt, we' hién nach geliéwt huet?
Wäschfra:Nich die Spur!
Margot:Dann also Courage!
Nelly:Mir mussen d'Zömmer e we'neg me' donkel mâchen,d'Géschter verdroen dât hell Licht net.
Wäschfra:Aber nich zu viel dunkel,damit ick'n ooch jut sehen kann.
Nelly:Nén, nömmen e we'neg.(d'Bühn get me' deischter)Eso',elo könne mir de Gésoht beschwieren.Während ech elo d'Zauberformel soen,misst dir ömmer un ère Gustav denken.
Wäschfra:Det werd' ick besorgen.
Nelly:Also lass:(stellt sech a Positur,brét d'Aerm aus):
Gustavianus,mannius,ech beschwieren dech!
Wäschfra(fir sech): Wât bin eck jespannt!
Nelle(ömmer me' hart):Gustavianus,mannius,ech beschwieren dech!
Wäschfra(lues,fir sech):Wie er blos aussieht?
Nelly(nach me' hart):Gustavianus,mannius,ech beschwieren dech!
Wäschfra(hart):'n Momang,ick hab so'n Herzklopfen!
Nelly(ganz Hart):Gustavianus, er...scheng!
(Hannert der Bühn get e firchterleche Kome'di,gleich drop erschengt d'Mme.Müller mat engem weisse Bettduch)

6 Szén,Vireg,Müller

Gustav(mat deischterer Stömm):Wer ruft mir?
Wäschfra:Bis du't,Justav? -Was has de mir doch anjetan,dat du mir so plötzlich verliessest?
Gustav:Ick konnt et bei dir nich mehr aushalten.Du hast mir dat Leben verbittert...

Beulen fühle.Du hast mir geärgert!Statt zu kochen hast du bei die Weibers jequatscht und hast jesagt die Frau Müllern hätte Läuse! Aber dat is nich wahr.Du hast Läuse,du ollet Kamel!

Wäschfra:Justav! Justav! Ick meine in dein Reich jäbt 't keene Rache mehr?

Gustav:Und wat for welche! Ick werde dir dein loset Maul verstopfen, du olle Quaselstrippe,du....

Wäschfra:Nu hör aber uf,Justav,sonst vergreif ick mir an deinem Jeist.

Gustav:Ick bin ja nur noch Luft.Mir kannst nich mehr hauen!

Wäschfra:Verschwinde!Ick will dir nich mehr sehen.Oder ick blase dir in die Luft!

Gustav:Dat kanns de machen.Aber erst sollst du's noch hören.Diese Studentinnen tus de auch begaunern.For die janze Wäsche brauchs de blos en halbes Stück Kernseife und lässest dir teuer bezahlen.

Wäschfra(sprengt op):Nu is es mir aber zu bunt.Ick will dat de wieder verschwindest,oder ich werde dir...

Gustav:Komm nur.Ick werde dir éens mit meener Jeisterfaust versetzen,datts de meist die Trompeten vun Jericho zu hören,datts ewäg an mir denkst!

Wäschfra(get op Gustav zo'):Ick habe Courage!

Gustave (hölt zo' engem mächtege Schlag aus,a schle't hir eng op de Bâk)

Wäschfra:Au!AU! Fräulein Studentin,blasen sie ihn wieder in die Luft.Ick hab jenug von meinem Justav!

Gustav:Jenug! Jenug!Noch lange nich!Jetzt solls du't erst spüren! (schle't onbarmherzeg op se)

Wäschfra(jeitzt erbärmlech)Fräulein! Fräulein,blasen s'n weck! Er haut mir tot! Justav,verschwinde....oder(huet d'Dir errécht) ick jehe....

Gustav:Dat is besser.Sonst haue ick dir noch de Eisbein for 't Sauerkraut zusammen.

Wäschfra:Ick jehe,Justav, aber verspreche mir,datt s de nich mehr wiederkommst.

Gustav:Hau ab!

Wäschfra(se'er of,rifft hannert der Dir):Ick bis ja schon abjehauen.

7.Szén Vireg o'ni d'Wäschfra

Müller(lét d'Leileg eweg):De' huet et awer kritt fir e Sou! De' huet se gespurt! Ech hun hir d'Leis all do't geschloen. Ei, elo hun ech menger Roserei dach emol ordehtlech Loft gemâcht.

Maisy(lâcht) :A mir hun eis Wäsch glecklech erem.

Yvonne:Elo hu mir erem 4 Wochen Zeit.

Margot:Awer bedre'hen wölle mir d'Gro'smaul dach net.

Nelly:Oh,nén,do denke mir net drun.All eis Gläubiger gin zefriddegestallt.

Müller:Eso' lâng wöll ech och nach warden mat mengem Loyer.

All(emärblen d'Müller):Villmols Merci!

Nelly:A wann d'Mme.Gro'smaul nach eng Ke'er granzeg get, da brauche mir nömmen ze ruffen:

All (zesummen) Gustavianus er...scheng!! (Alles lâcht)

V o r h a n g

10.8.53
HR

Preis: eng Roll = 4 Frs.
6 Rollen an emol Opfe'erongsrecht= 50 frs.